



Äntwert vun der Finanzministesch Yuriko Backes op d'parlamentaresch Ufro n°5837 vum 1. März 2022 vun dem honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser

A senger parlamentarescher Ufro referéiert sech den honorabelen Deputéierten op déi rezent Proposition vum der EU-Kommissioun vum 22. Dezember 2021 fir géint sougenannte « Bréifkëschtfirmen » virzegoen.

Dës Proposition werft eng ganz Rei vu substantielle Froen op, notamment well den Uwendungsberäich vun dëser Proposition immens breet formuléiert ass, a doduerch riskéiert eng net-négligeabel Zuel vu Gesellschaften zu Lëtzebuerg, awer och an aneren EU-Memberstaaten, ze impaktéieren. D'Proposition wäert elo an den nächste Wochen a Méint am Conseil vun der EU am Detail analyséiert a verhandelt ginn, an et bleift also ofzewaarden a wéi fern de Conseil een Accord op dësem Text fanne kann.

Betreffend der zweeter Fro vum honorabelen Deputéierten ass ze soen, datt d'Proposition effektiv gewësse Froen ënnert dem Aspekt vum Level Playing Field opwerft. Lëtzebuerg wäert sech dofir asetzen, datt dës Froen a Consideratioun geholl ginn während de Negotiatiounen.

De potenziellen Impakt vun dëser Proposition op de Staatsbudget ass am Moment net ze chiffréieren, schonns eleng doduerch datt et nach keen definitiven Text gëtt, an déi eventuell Reaktiounen vun den Entrepreneuren op sou eng Moossnam net ofzeschätze sinn. Wéi am rezenten Avis vum Conseil Economique et Social « Analyse des données fiscales au Luxembourg » duergeluecht, contribuéieren d'Entrepreneuren déi am Code NACE « Soparfi » klasséiert sinn an enger grousser Proportioun zu de Steuerrecetten déi vun de Betriber bezuelt ginn. Och wann de potentiellen Impakt vun der Proposition net automatesch ka gläichgesat gi mat de Steuerrecetten déi vun den Entrepreneuren mam Code NACE « Soparfi » generéiert ginn, sou ass grouss Virsicht gebuede fir den Impakt vun der Direktiven op dës Entrepreneuren, an doduerch och den eventuellen Impakt op de Staatsbudget, sou kleng wéi méiglech ze halen.

Et wäert an de kommenden Negotiatiounen dorop ukomme fir notamment den Uwendungsberäich vun dëser Direktiv ze limitéieren an och déi proposéiert Substanzkrittären sou ze präziséieren, datt keng Entrepreneuren mat reellen ekonomeschen Aktivitéiten dovunner negativ impaktéiert sinn.

Luxembourg, den 28. März 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes